

Handy, SMS a Sprooch

vum Lex Roth



(PHOTO: TEDDY JAANS)

Et fällt engem ewell haut net méi liicht, sech d'Welt, seng eege Welt, säi **Liewen, ouni den 'Handy' virstellen**. Datt déi allermeescht mengen, mir giffen do en englescht Wuert gebrauchen, ass eng gelunge Geschicht, iwwer déi mir äis emol nach eng aner Kéier ënnerhalen... op jidfer Fall kënne mir äis d'Leit an d'Land net méi ouni den Handy virstellen. Eng zimlech verréckt Saach, wann een eng 15 Joer no hannerzeg denkt.

Fir oder géint den Handy? Hei d'Spréchwuert, dat op esou sëlliche Situatiounen passt: *Zevill an net genuch, si keng Moossen!* Datt et Leit gëtt, déi vu mueres fréi bis nuets mam Handy um Ouer dorëmmer lafen... zevill! Datt mir kéipweis Chauffeure mam Handy um Ouer den Auto an eng Kéier geheie gesinn... eng hiermiddeg a geféierlech Dommheet fir si selwer an déi aner, basta. Am **normale Gebrauch** ass de 'Balladeur' wierklech eng gutt, eng ganz kamoud Saach, sief et, fir sech selwer eng Sécherheet ze verschafen, séier bei engem Accident kënne ze reagéieren, een ze fannen, deen net ëmmer doheem um Téléphon hänkt, fir all déi Berufsleit, déi ënnerwee mat hirem Haus 'a Verbindung' wëlle sinn asw.

Bei all deene Méiglechkeeten, déi den Handy bitt, war et sech net ze verwonneren, datt **eng ganz Partie 'Niewewierkungen'** dobäi eraus kéimen. Do steet natierlech den SMS op deer alleréischter Plaz, de 'Short Message Service'. Dat ass eng wonnerbar Geleeënheet, fir engem eppes op den Handy ze schécken... ass deen net 'un', da gëtt d'Noriicht gespäichert, an et kann direkt drop geäntwert ginn. **Wat alles do 'gesimst' gëtt**, dat geet net op eng Dose Kéi-Hait! Natierlech Normales a Seriöses... ower och dat Allerlescht vu Kabes a Quatsch! Fir datt et esou séier wéi nëmme méiglech geet (Stress!!!), ginn d'Wierder an d'Sätz och nach esou zesummegeknätscht, datt sech plazeweis nëmme 'Spezialiste' méi erëmfannen. Net emol ze schwätze vun deer **Zeechesprooch, déi mam 'Smily/☺:-)' ugefaang huet**, an sech haut mat engem Rateschwanz vu 'Symbolen' an Ofkierzungen ofgëtt, fir déi een ewell rëm bal en extraen Dictionnaire brauch... Kuckt emol ënner 'SMS' am Internet.

Wa mir **haut op der TV dat SMS-Getickers** kucken, da falen engem en etlech Bemierkungen an:

- Am Prinzip ass deen SMS-Schwonk allgemeng an op der TV eng flott Saach.
- **D'Sprooch an d'Schreifweis, déi do gebraucht ginn**, sinn ower dacks esou grujeleg zermuerjelt, datt ee Simultan-Korrektur eng wonnerbar Aarbecht hätt.
- Vlächent kéint een déi intresséiert 'Eraschéckerten' och dru winnen, sech däitlech an ouni zevill **Ofkierzungen** auszudrécken; dat bréngt jidderengem eppes.
- Wie mengt (esouguer op akademischen Niveau behaupt, gelldir, Här Prof. Dr. Gilles), dat zesummegeknätscht Lëtzebuergesch wier 'en neit Sproochelement', deen huet sech gestouss... oder net dru geduecht oder 'eruériert', datt dee Phenomeen deeselwechten ass ewéi z. B. am Engleschen/Amerikanesch an anere Sproochen: 'eng Kéier' guf zënter Joer an Dag och als 'engker' gebraucht; 'nach emol' ass ewell laang 'nammel', 'dalei' gebrauchen se op eiser 'Muselnammel' geleefeg fir 'dat elei'; 'gëmmmer' ersetzt schon zënter Generatiounen och 'gëff mer'... an et ass esouguer d'Verb 'gëmmere/géimere' an d'Adjektiv 'gëmmereg' draus entstan... dees guff a gëtt et gräppweis! Gudde Grond fir eng kleng-léif Diplomaarbecht.

Fir d'Schreif-Lëtzebuergesch kucke mir den SMS als 'Gëlleguedskand' fir eis Sprooch... a vive déi gutt Gewunnecht! Maacht roueg mat!

wänzelen

Dat ass alt erëm deer Wierder eent, wou ee mengt, et wier ganz einfach en däitscht... wann ee mengt, net weider iwwerleet, eis Sprooch souwisou fir hallef dëses oder dees kuckt.

Da schwätzt emol zu Bonn vun engem Rad, dat wänzelt. Sot, dir hätt iech als Kanner am Schnéi gewänzelt wéi d'Gissercher am Bulli; dir gitt just grouss gekuckt, well och 'Gissercher' an de 'Bulli' sinn 'inconnus au régiment'. Vernennt 'do iwwer' emol een décke Batti 'Wänzeler'; dat mécht an Däitschland kengem eppes aus, well keen et versteet.

Kaapt iech eist Buch 'EISES', da fannt dir dausenden deer Beispiller, mat deenen dir och an Däitschland kee Paff weider kommt a fir Exote gehal gëtt. Dir kritt **EISES** a jidfer éierbarem Bicherbuttek... fir manner wéi en Teller Spaghetti! ■ AL

winnen an zillen

...dat héiert sech un, wéi wann et 'steiffknopfimohrwaschecht' **Däitsch** wier. Ass et ower net. Et ass Stacklëtzebuergesch! Mir hunn deer 'Fäll' mat den honnerten, an dee Sprooch-Phenomeen wier alt erëm méi wichteg opzekrazen an ze stodéiere wéi Rateschwänz vu linguisteschen, onomasteschen oder 'syntaktesche' Langweilereien. Bonjour UniLu.

Probéiert emol op däitsch oder franséisch ze soen, datt een '**net gewinnt an net gezillt**' ass. Gell, do gëtt et Krämpes. Dofir brauche mir och kee Kand ze 'erzéien'; wa mir se **winnen an zillen**, dann ass de Problem geléist. Op eng aner Manéier kënne mir och op dat 'Ziichte' vu Kannéngercher oder Gissercher flecten, well déi sinn hei nach ëmmer 'gezillt' ginn. Souguer am Gaart fanne mir dat 'Zillen' erëm, well wie seng eege Porette-Kéil oder eng bio-trei Zalot wëllt hunn, deen 'zillt' sech dat an der Kautsch... an da sot emol, dat wier net intressant.

Ceterum censeo... (16)

Et muss engem dach bal opfalen, datt an alle Länner vun der EU ewell déck op Identitéit, op Eegenart vun den eenzelne Länner gehal gëtt. Dat geet absolut net géint de Fong vun der Europäescher Unioun; d'Basis vun der EU-Iddi war a bleift de Fridden tëscht den «Ierf-Feinden», déi sech bannent manner wéi engem Joerhonnert 3 mol grujeleg zerbaatscht hunn.

D'Haaptelement vun deem Fridden ass ower och – a bleift – de Respekt vun deenen Eenzenen ënnereneen, iwwer all intressant Differenzen eraus, also och déi kulturell a Sprooch-Ënnerscheeder. Plastesch ausgedréckt: Mir brauche kee 'Buletten-Europa', wou een net méi weess, watfir e Maufel vu watfir engem Stéck hierkënn. Jidderee soll säin eegent 'Gesicht' behalen, a jidderee soll deem aneren säint respektéieren, och déi sproochlech Situatioun. Fir datt dat iwwerall kloer ass, muss et däitlech a gesetzlech festgeluecht ginn, an zwar am Grondgestz, der Constitutioun vu jidfer Land. Eis Sproochsituatioun ass jo méi komplex, ower och méi intressant ewéi munnech eng aner... mä da soll dat och an eise Basisgesetz verankert ginn. D'Sprooch vun eise Land ass nun emol d'Lëtzebuergesch; am offizielle Gebrauch hu mir 3 Sproochen... wat hënnert äis dann drun, dat ouni Féischten a Gefax an den Artikel 29 vun eiser Constitutioun ze schreiwen? Héchstens schlechte Wëll. ■ P.W.

nei Wierder

An de 70er Joeren hate mir emol **um 'Heielei' e klenge Concours** gemaach, fir ze beweisen, datt eis Sprooch ganz gutt ëmstand ass, nei Wierder (Neologismen) ze maachen. Dat kënnen der natierlech keng säckweis sinn... well mir äis d'meescht einfach däitscher 'nopere' ginn.

Mir hate bei deem klenge Spill onheemlech vill Postkaarte kritt, op deenen eng Hellewull Ausdréck stongen, déi **noweisbar no 1920 entstane** sinn. Mir hunn se 'gesënnert', an d'Resultat dovun huet z. B. sengerzäit de Spezialist Jérôme Lulling fir seng 'maîtrise' op der Uni zu Montpellier als Fong vun der Diplomaarbecht gebraucht.

E lëschtegt Beispill fir en neit lëtzebuergesch Wuert ass dach och '**de Pechert**', deem d'Comic-Auteure Roger Leiner a Lucien Czuga e gellegt Sproochmonument mat hire Bicher gesat hunn... haut Genre-Klassiker an eiser Literatur! ■ H.M.

Stoppt d'Mikroben!

Esou **eng flott lëtzebuergesch Plakat** wéi déi vun eise Gesundheitsministère hätt ee sech vrun 25 Joer net kënne virstellen. Mir soe villmools merci fir déi Initiativ, natierlech fir de Fong, mä och fir de Gebrauch vun eiser Sprooch... dat läit an der Linn vun deer psychologescher Wierkung fir d'Lëtzebuergesch... et geet, am Sënn vum Ausdröck, an d'An... mä och vill méi déif!

Leider hunn eis 'Wëssenschaftler' de Wert vun esou Initiativen an eiser Sprooch nach net erkannt. Si grimmelen, knätzelen a kniwwelen sech zedoud u linguisteschen Theorien... déi nach kenger Sprooch eppes bruecht hunn. Mä dat ass hinne jo egal; si sinn nëmme um 'Ist-Zoustand' intresséiert. Do fachsimpelt et sech esou glat a glënnereg. Dajee alt.

BICHER-Deeg zu WALFER

Wien en Häerz an den néidege Versteesdemech fir Liesen a Bicher huet, dee fént **zënter Joer an Dag op de Walfer-Bicherdeeg** wierklech alles fir seng kleng 'Gladderchen'... an dat och nach fir e Präiss, deen et gewéinlech net esou gëtt. Do hunn ewell vill Leit fir sech an d'Kanner eppes fonnt, no deem si Joere laang gesicht hunn. Dir kënnt op Dosende vun Ausstellungsdëscher glannen a bliederen; Walfer hält et mat deene bekanntsten a gréisste Bicher-Mäert aus!

Natierlech begéint dir do an deenen Halen och **eis bekanntste Schreiwerten, all eis Editeuren an de Stand vun eise Literatur-Archiv vu Miersch**. Dir kënnt direkt op der Plaz kafen a bestellen, et ass eng Gellecht!

Eis Actioun-Lëtzebuergesch gëtt och all Joer vun deer sympathescher Gemeng Walfer invitéiert; **mir hunn eise klenge Stand**; dir kënnt mat äis babbele kommen, an dir kritt eiser Publikatiounen fir e ganz gudden Präiss... Mir freeën äis samschdes de 17. a sonndes den 18. November op iech! ■ M.V.

de Riichter-Wee...

ass déi Strooss vu ronn 2 km, déi vun der Bartrenger Kierch op d'Helfënter Bréck geet. Wat déi laang Strépp soll mat Riichterei ze dinn hunn, dat sicht een ëmso. Mä hei tope mir mat engem gudden Beispill op déi **dausende vu krommenolege Kadasternimm**, déi vru ronn 180 Joer entstane sinn. Firwat? Mä déi deemoleg Kadasterbeamte waren Däitscher, an si hu ganz vill Flouernimm net verstan, oder si konnten se net esou opschreiwen, wéi d'Leit hinnen se gesot hunn. Dat Adjektiv 'riicht' gëtt et jo am Däitschen net; do heescht dat dach 'gerade'. D'Beamten hunn dat also '**nom Ouer**' notéiert... an domat guff aus dem 'riichte Wee' nun emol de 'Riichter-Wee'.

Wat et am Däitschen nach net gëtt, dat sinn **eis typesch Duebellauter**, déi méi héichgebengt 'Diphonge' genannt ginn: **éi-ou-äi-ue-oe-ie**... dat hätt och esouguer de Goethe net kënne schreiwen, well et a senger Sprooch jo näischt dofir gëtt. Eise Kadaster ass voll deer koppeger Beispiller fir déi Fäll... a mir hunn se iwwer 2–3 Joer alleguer... riichtgebéit... en Ausdröck, dee keen zu Hannover versteet! Intressant oder net? ■ P.W.